



Depot: Jeff Engelen

**Groupe parlementaire**

MOTIOUN

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2023

Débat de consultation -  
Future directive d'investissement  
du Fonds de compensation

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- et staark Bestriewunge vu verschiddene Gruppe gëtt, fir de Pensiounsfong (FDC) mam Argument vun der Nohaltegkeet fir hir eegen Interessen ze politiséieren;
- dem Pensiounsfong entgéint de Bestëmmunge vun der EU-Taxonomie soll verbuede ginn, weiderhin an Atomenergie ze investéieren;

ass sech bewosst, datt:

- politesch motivéiert Ausschlosskrittäre fir de Pensiounsfong sech negativ op d'Risiko-Rendite-Relatioun an domat op d'Nohaltegkeet vum Pensiounssystem auswierken;

fuerdert d'Regierung op,

- dofir ze suergen, datt de Pensiounsfong sengen Aktivitéiten am Interessi vum Pensiounssystem soll kënnen ongehënnert nokommen;
- de Versich vun enger Politiséierung vum Pensiounsfong konsequent entgéint ze trieden an dem Verwaltungsrot a senge Mataarbechter deementspreechend de Réck ze stäipen.

Jeff Engelen